N°2887
Entrée le 17.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.09.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

Op der offizieller Facebook-Säit vun der Regierung gouf den 8ten September ee Bäitrag erstallt, an deem iwwert dem Premierminister seng **privat** Visite a Portugal informéiert huet. Wann et eng reng privat Visite war, dann dierft et sech konsequent net ëm eng ëffentlech Missioun handelen. Et stellt sech dann och d'Fro, firwat déi offiziell Säit vun der Regierung iwwert déi privat Aktivitéite vu Regierungsmembere beriicht?

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. A wéi engem Kader huet d'Visite den 8te September stattfonnt - privat oder an ëffentlecher Missioun? Falls zum Deel an ëffentlecher Missioun: wéi eng Käschte goufe vum Staat bezuelt?
2. Wéi eng Richtlinne gëlle fir d'Regierungsmemberen, fir d'Notzung vu staatlechen Déngschter a Kommunikatiounen, wa si privat am Ausland ënnerwee sinn?
3. Gesäit d'Regierung een Interessekonflikt, wann offiziell Kommunikatiounskanäl - bezuelt mat Steiergelder - fir d'Promotioun vu privaten Aktivitéite vu Regierungsmembere genotzt ginn?
4. Wäert d'Regierung den Ethikcomité ëm een Avis zu dësem Fall befroen? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés